



Positionspabeier

Beschluss um Landeskongress 2012.1

Thema:

Aussetze vun der Vorratsdatespäicherung

Problematik

D'Erhiewe vu Verbindungsparameteren an -donnéeën am Kader vun der Vorratsdatespäicherung stellt een déiwen Agrëff an de Prinzip vum Bréifgeheimnis, an d'Privatsphären an an den Dateschutz vu jidder Bierger duer. Déi vun der EU erloosse Vorratsdatespäicherung steet a kengem Verhältnis zum proklaméierten Zweck, der Bekämpfung vu schwéierer Kriminalitéit virun allem vun Terrorismus a Kannerpornographie am Internet. Den Empfang vun den erhuewen Daten an de kriteschen Zäitraum vu mindestens 6 Méint an deenen des Daten net-anonymiséiert ofgespäichert gi verstéisst net nëmme géint den Erfuerderlechkeetsgrondsaz mä stellt eng informationell Gefor fir de Bierger duer.

Prinzipie vun der Piratepartei

D'Piratepartei Lëtzebuerg steet fir d'Wahrung vun de Grond- a Perséinlechkeetsrechter a fir den Dateschutz an. Déi breet Notzung vun den "neien" Medien déi d'Méiglechkeete vum Internet mat sech bréngen hunn eng Informatiounsgesellschaft zur Folleg. D'Mënschen an dëser Informatiounsgesellschaft - an dat betrëfft sou zimlech jiddwer eenzelne Bierger hunn besonnesch Uspréch a Bedierfnisser hisiichtlech hirer Grondrechter Perséinlechkeetsrechter an een onabdinglecht Mindestmooss un Dateschutz ass eng Grondvoraussetzung fir d'Funktionéieren an d'Mateneen an dëser Informatiounsgesellschaft.

Fuerderungen

D'Piratepartei Lëtzebuerg fuerdert:

- Eng agoend Evaluéierung begleet vun Etudë vun/iwwert d'Vorratsdatespäicherung mat Bléck op déi vun der EU-Richtlinn zur Vorratsdatespäicherung gesetzten Zwecker an Zieler. Bei der Evaluéierung an der doropshin öffentlecher Debatt muss berücksichtegt ginn inwéifern eng duerch d'Vorratsdatespäicherung errechten Opklärungsquot, falls vorhanden, net och duerch herkömmlech Ermittlungsverfahren errecht konnte ginn
- Eng agoend Evaluéierung begleet vun Etudë vun/iwwert d'Vorratsdatespäicherung mat Bléck op déi vun der EU-Richtlinn zur Vorratsdatespäicherung gesetzten Zwecker an Zieler. Heibäi muss e besonnesche Bleck op bestoend Mënschen- a Grondrechter, Perséinlechkeetsrechter a Privatsphär souwéi dem Dateschutz geluecht ginn. Eng Neiheet wéi den Internet an déi doraus entstoend Méiglechkeeten si keng Rechtfertegung fir d'Bréifgeheimnis iwver Bord geheien ze wëllen



- En Aussetze vun der Vorratsdatespäicherung op nationalem Niveau bis d'Resultater vun den Etuden an der Evaluéierung virleien
- Am Fall vun enger negativer Evaluéierung dat permanent Aussetze vun der Vorratsdatespäicherung an d'Iwwerschaffen oder d'Erneiere vun den Dateschutzrichtlinnen op europäeschen Niveau oder Zeréckgoen zu virausgoenden Dateschutzrichtlinnen